# Nee zum Auslännerwahlrecht
# nee2015.lu

**- A kengem europäeschen Land dierfen d'Auslänner wielen goen. Firwat mussen mir déi éischt sinn, fir dat Experiment ze maachen?**

**- Säit 100 Joer fonctionnéiert d'Integratioun, och ouni Auslännerwahlrecht!**

**- Jiddereen kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit unhuelen a weisen, dass en sech matt eiser Identitéit, der Sprooch an eiser Kultur identifizéiert an och eng emotional Bindung zum Land huet.**

**- Wéi kann en auslänneschen Bierger un der Politik deelhuelen ouni Lëtzebuergesch ze schwätzen? Duerch d'Auslännerwahlrecht verléiert eis Sprooch ëmmer méi un Bedeitung.**

**- Mam Auslännerwahlrecht ginn mir eis Souveränitéit op. Den Artikel vun der Verfassung "le pouvoir souverain réside dans la nation" misst gestrach ginn.**

**- Auslänner kréien en Wahlrecht, d'Lëtzebuerger behalen awer d'Wahlpflicht.**

**- Et besteet de Risiko, dass eis Gesellschaft gespléckt gëtt: op der enger Säit déi lëtzebuergesch Wieler an op der anerer Säit déi auslännesch Wieler.**

**- Duebel Nationalitéit ass e bessere Wee, wann d'Konditioun vun der lëtzebuerger Sprooch bestoen bleift.**

**Opgepasst!**

**- Loosst lech net täuschen! D'Regierungsparteien hunn d'Konditiounen temporär méi schwéier gemaach well se Angscht haten si géifen de Referendum verléieren.**

**- Et ass en Trick! Schonn elo gëtt vun "éischten Schrëtt" geschwat! Si wäerten d'Konditiounen an engem zweeten Schrëtt méi liicht maachen.**

**- D'Chamber kann matt einfachem Vote d'Konditiounen lues a lues falen loossen.**

***Eng Majoritéit vun de Lëtzebuerger ass géint d'Auslännerwahlrecht. Stëmmt de 7. Juni am Referendum:***

# NEE

## ZUM AUSLÄNNER-WAHLRECHT

nee2015.lu